We bounced back

Genau virun engem Joer gong et eisem Club guer net gutt, fir et méi kloer auszedrécken, et war eng hallef Minutt virun 12 : mat eiser éischter Ekipp si mer ouni ee Punkt ze kréien aus der Nationale 1 ofgestiegen, eis zweet Härenekipp hu mer missen zréckzéie well mer net genuch Leit haten. Am Comité luch de Rimm och ganz déif well mir net méi richteg viru wossten.

Lo genau 1 Joer méi spéit si mer mat der éischter Härenekipp rëm zréck an d'Nationale 1 gestiegen, eis zweet Härenekippp huet als Tabellenéischte vun der R4 (ouni ee Match ze verléieren) den direkten Opstieg an d'R3 gepackt, an eis Dammen hu sech konnten an der Nationale 3 halen.

Mee net nëmme sportlech leeft et rëm vill besser, virun allem de frësche Wand, dee mam Michèle, dem Nicky, dem Heng an dem Eric lo an eise Comité komm ass , huet eis ganz gutt gedoen.

Mir hunn eng ganz Rei nei Sponsoren, ee bessere Suivi iwwert eis Finanzen, a mir huele rëm méi u parasportlechen Aktivitéiten deel ; et leeft am Allgemengen einfach rëm vill besser !

Dofir dës Zeile fir deene Leit merci ze soen, déi fir eise Club spillen, déi eisem Club virun an awer och hannert de Kulissen hëllefen a gehollef hunn.

Dat wat mir dëst Joer erreescht hu beweist, dass een Tennisclub ka gutt a gesond sinn, ouni gutt Terrainen, ouni eege Vestiairen, eegen Duschen an Toiletten, mee virun allem mat Kollegialitéit, Asaz a Loyalitéit, dat mëcht eise Club aus an dat soll a wäert och an Zukunft sou bleiwen.

Ee grousse Merci geet deemno un:

- den David (mir spillen seit iwwert 20 Joer zesummen an du bass nach ëmmer net méi lues um Terrain ginn,op dech ass ëmmer Verlooss !)
- den Dustin (du bass eise jéngste Spiller, hues eng fantastesch Saison gespillt a gëss vu Joer zu Joer méi staark, maach weider sou !)
- de Jens (du bass ëmmer do wa mir dech brauchen, du bass een Top Mann !)
- de Kevin (eise Coach, wat hues du eis mat Gedrénks an Iesse verwinnt dës Saison, du bass och ee Sportverréckten a schéiss déi aner gär vun der Anlag !)
- de Laurent (kee spillt sou schéi wéis du an och net vill Leit spille besser wéis du !)
- de Metti (Du bist über JEDEN Zweifel erhaben, 200 km/h bei allem wats du mëchs !)

an aus eiser 2ter Ekipp:

- den Eric (eisen neie Präsident, du bass ee Schaffpäerd a mëchs deng Saach top um an awer och niewend dem Terrain !)
- de Flëpp (dat waren deng éischt Matcher dës Saison, bleiw dobei mei Frënd ,du bass och ee Kämpfer !)
- den Heng (eisen neie Sekrétär, du bass een Top Mann, top Spiller, top Organisator !)

- de Jim (du bass och ee Sportler duerch an duerch, du hues d'Häerz um richtege Fleck a spills mëttlerweil ee ganz propre Ball)
- den Jo (du bass no der KB OP rem do, all Respekt ech wees wéi sauer daat ass, an zemols an den Dubblen bass de schons baal rem deen aalen Joey Kelly deen mer laang vermesst hun)
- den Pol (du bass emmer do wanns de gebraucht gess an gees einfach op den Terrain a gewenns déin Match)

Leider kann ech net souvill iwwert eis Dammen schreiwen well ech si net gesinn hu spillen mais d'Ekipp rondrem d'Brigitte (daat och well eng hallef Eiwegkeet fier eis spillt): d'Nicky, Michèle, d'Stella, d'Isabelle an déi 2 Annicken hun et gepackt an der Nationale 3 dranzebleiwen! TOP!

Merci och dem Pierre (Beschten Bespaaner Worldwide), dem Luss, dem Mirek (eisen langjähregen Trainer, dem Céline dem Bib, dem Mélissa,dem Michèle, dem Danielle, dem Sophia dem Nicolas an dem Knacki déi eis oft ennerstetzen komm sin.

An merci och all deenen déi ech elo leider na natierlech net express hei vergiess hun.

Mier sin den TcD an daat seit 1902

Mat beschten Gréiss,

Pascal